# ¡Andamos!

zesumme mat Latäinamerika

n°2 2010 2011





- Projeten
- Land a Leit
- Teatro Bus

## Chile: Land a Leit




De Chile ass e Land mat ville Géigesätz. Ugefaang bei senger geographescher Form: do steet eng Längt vu méi wéi 4.200 km enger duerchschnëttlecher Breet vun nëmmen 180 km géigeniwwer. Et geet vum Mieresniveau erop iwwer 6.800 m, an vun der Atacama-Wüst am Norden bis zum éiwegen Äis vun der Antarktis.

Op wirtschaftlechem Plang gehéiert de Chile zu de besser gestallte Länner a Latäinamerika. Den Export vu Koffer, Holz an Liewensmëttel, wéi zum Beispill dem Saumon, maachen de Chile net nëmmen zu engem wichtegen Handelspartner fir seng Nopeschlänner, mee och fir d'USA, Asien an Europa.

Mee och wann déi wirtschaftlech Situatioun net schlecht ausgesäit, heescht dat net, datt all Leit heivunner profitéieren. D'Haaptstad Santiago de Chile huet momentan 5,5 Mio Awunner. 19% dovun liewen an Aarmut, 5% souguer an extremer Aarmut. Um Land sinn d'Zoustänn net besser. Dobäi kënnt, dass déi indigen Minoritéiten wéi d'Mapuche -Indianer, déi ongeféier 5% vun der Bevölkerung ausmaachen, och haut nach e schwéiere Stand an der Gesellschaft hunn.

### Hëllef fir d'Erdbiewenaffer am Chile

De 27. Februar 2010 war en Erdbiewen mat enger Stäerkt vun 8,8 bei Concepción, enger Staat am Süde vum Chile. Och wann d'Zuel vun den Affer relativ kleng war, ass de materielle Schued fir vill Leit awer schwéier ze verkraaften.

Mär hunn, op Ufro vun der Schwëster Karoline, dräi kleng Holzhaiser a fënnef lewen finanzéiert.

## PROJETEN AM CHILE

### Teatro Bus

D'Diane Catani, eng lëtzebuerger Sozial- an Theaterpädagogin, huet e grousse Schratt gewot, a wunnt elo zu Santiago de Chile. Hei schafft hatt an senger Fräizäit onentgeltlech an engem Aarmequartier mat sozial benodeelegte Kanner a Jugendlechen. An enger Géigend, wou den Drogekonsum héich an d'Fräizäitméiglechkeeten ganz begrenzt sinn, bitt d'Diane de Kanner Atelieren un, fir Theater ze spillen. Hei kënne si sech ausdrécken, den Alldag ee Moment vergiessen, oder, am Géigendeel, sech iwwer hir Schwieregkeeten austauschen.



Dem Diane säin Draam ass et, fir spéider mat engem Theaterbus vill méi Jugendlecher iwwerall zu Santiago, oder am ganze Chile, ze erreechen.

Mir ënnerstëtzen dem Diane seng Aarbecht mat de Kanner a Jugendlechen, grad ewéi Atelieren fir Erwuessener, déi vum "Colectivo La Esquina" ugebuede ginn.


**Andamos! asbl**
3, rue Michel Rodange
L-7681 WALDBILLIG
Tel 26 81 08 29
www.andamos.lu info@andamos.lu
BCEE LU 80 0019 2955 3635 3000


**Weider Informatiounen kritt Dir bei:**
Carmen Seyler a Luc Azzeri
Liesie Gompelmann a Fränk Arend
Marc Frieden an Nadine Lamesch

# ¡Andamos!

zesumme mat Latäinamerika


Och am zweete Joer zënter der Grënnung vun der ASBL *Andamos!* versiche mer, mannerbemëttelte Leit a Südamerika a verschiddene Beräicher ënner d'Äerm ze gräifen. Är generéis Don'en hunn eis et erméiglecht, fir nei Projeten unzegoen an anerer ze verdéiwen.

D'Uspriechpartner aus Bolivien an dem Chile maachen eis op Problemer opmierksam an ënnerbreeden eis Virschléi, wéi mer de Leit kënnen hëllefen. All nei Iddi gëtt duerchdiskutéiert a gepréift. Sënn an Zweck hannerfrot, ier mer d'Entscheedung treffen fir mat eise finanzielle Mëttelen unzepaken.

Fir dass dat och nach an Zukunft méiglech ass, si mer weiderhin op Är Ënnerstëtzung ugewisen. Zesumme kënne mer eppes bewierken!

Muchas Gracias, villmools Merci!

"E Vollek vu gebildte Leit wäert ëmmer e fräit Vollek sin, d'Bildung ass dat eenzegt Mëttel fir sech virun der Sklaverei ze retten"




## EIS PROJETEN A BOLIVIEN

### De Gesondheetsfong

Zu Tirani, enger klenger Uertschaft bei Cochabamba, schafft d'Annette. D'Annette ass eng pensionéiert Krankeschwëster aus Kanada, déi sech mat ganz vill Engagement ëm krank Leit an virun Allem ëm d'Kanner këmmert. An dëser ganz aarmer Géigend kënnen d'Leit sech dacks keng Visite beim Dokter leeschten - oder et fehlen Suen fir Medikamenter. Dat ass eng vun den Ursaachen, firwat a Bolivien d'Kannerstierflechkeet enorm héich ass. Den einfachsten Traitement ass fir vill Leit net ze droen.

Mam Annette zesummen schafft och nach den Braulio. Hien ass Zänndokter, an nieft de Behandlungen wëll hien duerch Präventiounsaarbecht de Kanner bäibréngen, wéi wichteg et ass, d'Zänn ze wäschen.



*D'Annette mat enger klenger Patientin*

De Gesondheetsfong erlaabt et, Leit ze behandelen, déi sech et bis elo net leeschte konnten. Ausserdeem konnt d'Annette eng Partie Equipementer uschafen déi him d'Aarbecht elo erliichteren - dorënner sou einfach Saachen ewéi eng Kannerwo oder Thermometeren.

### Madres de familia

A Bolivien ass et zimlech heefeg, dass jonk Meedercher Mamm gin. Dës Schwangerschaften sinn dacks ongewollt oder op Gewalt zeréckzeféieren. Vill vun hinnen sinn mat esou enger Situatioun komplett iwwerfuerdert. Elo gëtt et zu Bella Vista eng Formatioun, déi jonke Mammen beim Ëmgang mat hire Kanner hëlleft. *Andamos!* iwwerhëlt d'Onkäschten fir dëse Cours.

### Stipendien fir zwou Studentinnen

Zënter dësem Schouljoer ënnerstëtze mer och zwou Studentinnen mat Stipendien. D'Silvia studéiert fir Assistante sociale an d'Veronica Psychologie.
Alle béid schaffe si ganz engagéiert als fräiwëlleg Mataarbechter bei der Fondatioun Cristo Vive Bolivia. Eng Ausbildung op der Uni hätten hir Famillen sech ni kënne leeschten. Dem Veronica seng Elteren zum Beispill hu 7 Kanner, an hiert Akommes läit bei ongeféier 100 US Dollar de Mount - vill ze wéineg fir e Studium. Duerch d'Ënnerstëtzung vun *Andamos!* kënnen di zwou jonk Fraen eng Formatioun kréien, mat deeër si spéider eng gesechert Zukunft kënnen hun.

### Parrainage vun Internatsschüler

De Projet "Parrainage" vun den Internatsschüler aus der Beruffsschoul Sayarinapaj leeft elo zënter zwee Joer. Momentan sinn 45 Schüler am Internat ënnerbruecht. Fir si ze ënnerstëtzen siche mer zu Lëtzebuerg Leit, déi bereet sinn, 20€ de Mount ze spenden. Domat kann den Openthalt vun engem Jonken am Internat finanzéiert ginn.



Mir soen den 20 "Pätteren a Giedelen" Merci fir hiren Engagement - a géifen eis iwwer all weidere Parrainage freeën. Zéckt net fir eis ze kontaktéieren, wann dese Projet lech intresséiert!

### Museksinstrumenter a Bicher

Fir hir Fräizäit sënnvoll ze gestalten, huet e Grupp vun Internatsschüler sech zesummegedoen, fir Musik ze maachen. *Andamos!* huet sech bereet erklärt, Geld zur Verfügung ze stellen fir Instrumenter unzeschafen.

Weiderhin hu mer de Lëtzebuerger Scouten, déi 2010 a Bolivien waren, Bicher fir d'Schoulbibliothéik matginn.